# JUGENDKONVENT
## 14. NOVEMBER 2025
## CHAMBRE DES DÉPUTÉS

**ASCHREIWUNG**
**INSCRIPTION**

**JUGENDROT.LU**

**Du bass tëschent 13 an 30 Joer al a wëlls gär mat de Lëtzebuerger Politiker iwwert Themen diskutéieren, déi dir um Häerz leien?**
**Da komm den 14. November an d'Chamber fir mat anere Jonken, Experten a Politiker iwwert Zukunft vun der Demokratie, d'Schoul, d'Inklusioun a villes méi ze schwätzen. Komm an diskutéier mat!**

MAACH MAT AN ENGAGÉIER DECH FIR DENG IDDIEN!

**Tu as entre 13 et 30 ans et tu as envie d'échanger tes idées sur des thèmes d'actualité avec les différents représentants politiques ?**
**Alors rejoins-nous le 14 novembre à la Chambres des Députés pour discuter avec d'autres jeunes, des experts thématiques ainsi que nos représentants politiques sur le futur de la démocratie, l'école, l'inclusion et bien plus encore !**
**Viens et rejoins le débat !**

PARTICIPE ET ENGAGE-TOI POUR TES IDÉES !

**MAACH MAT AN ENGAGÉIER DECH FIR DENG IDDIEN!**




**PARTICIPE ET ENGAGE-TOI POUR TES IDÉES!**

**Zukunft Demokratie - Wéi wëlls du muer entscheeden?**
*Futur démocratie - Comment veux-tu décider demain ?*

**Demokratie wierkt! Wierkt Demokratie?**
*La démocratie agit ! La démocratie agit-elle ?*

**Demokratie an der Schoul**
*Démocratie à l'école*

**Demokratie an Inklusioun**
*Démocratie et inclusion*

**20 Joer Editioun**

**UNE TRADUCTION ORALE DIRECTE SERA ASSURÉE**
(ateliers et plénière)

Par l'autorisation de Monsieur le Ministre de l'Éducation, les élèves peuvent être libérés des cours.

de JUGENDROT CGJL — CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG — LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse — Youth Goals — Co-funded by the European Union

# JUGENDKONVENT

# 14. November 2025

## 1 Zukunft Demokratie - Wéi wëlls du muer entscheeden?
*Futur démocratie - Comment veux-tu décider demain ?*

Demokratie, d'Herrschaft vum Vollek. Esou soe se. Dobäi erliewe mir eng Politikverdrossenheet an der Bevëlkerung déi ëmmer méi zouhëlt an e Vertrauen an d'Institutioune wat ëmmer méi ofhëlt. Wat verbënns du mat der Demokratie? Wéi soll d'Demokratie an de nächste Jore gelieft a weiderentwéckelt ginn? Wéi kënne mir eis demokratesch Systemer stäerken? Ass eis Demokratie - wéi se aktuell funktionéiert - nach fit fir d'Zukunft, mat all hiren Erausfuerderungen déi dës mat sech bréngt?

*La démocratie, le pouvoir du peuple. C'est ce qu'on dit. Mais on observe une désaffection croissante de la population envers la politique et une perte de confiance dans les institutions. Qu'est-ce que tu associes à la démocratie ? Comment la démocratie doit-elle être vécue et développée dans les années à venir ? Comment pouvons-nous renforcer notre système démocratique ? Notre démocratie, telle qu'elle fonctionne actuellement, est-elle encore adaptée à l'avenir et à tous les défis qu'il comporte ?*

## 2 Demokratie wierkt! Wierkt Demokratie?
*La démocratie agit ! La démocratie agit-elle ?*

Ee vun den Haaptziler vum nationalen Aktiounsplang vun de Kannerrechter (2022-2026) ass d'Stäerke vun der Participatioun vun de Kanner a Jugendlechen an eiser Gesellschaft: Wéi eng Bedeelegunsgméiglechkeete ginn et? Wéi kann ee se verbesseren? Fills de dech gehéiert? Wéi eng Roll spillt d'Benevolat a seng Hürde bei engem méiglechen Engagement? Wéi kann deng Roll am demokratesche Liewe gestäerkt ginn?

*L'un des principaux objectifs du plan d'action national pour les droits de l'enfant (2022-2026) est de renforcer la participation des enfants et des jeunes dans notre société : quelles sont les possibilités de participation ? Tu te sens écouté ? Comment peut-on améliorer la situation ? En quoi le bénévolat et les obstacles qui y sont liés influencent-ils l'engagement ? Comment renforcer ton rôle dans la vie démocratique ?*

## 3 Demokratie an der Schoul
*Démocratie à l'école*

E ganz groussen Deel vun denger Zäit verbréngs du all Dag an der Schoul. Hei gëtt vill decidéiert mee decidéiers du och mat? Wéi eng Rechter hues du? Funktionéiert de Schülercomité an dengem Lycée? Wat funktionéiert gutt a wat manner gutt? Wéi kéint méi vernetzt an de verschiddene Klassen zesumme geschafft ginn?

*Tu passes une grande partie de ton temps chaque jour à l'école. Beaucoup de décisions y sont prises, mais as-tu ton mot à dire ? Quelle est ton influence ? Le comité des élèves de ton lycée fonctionne-t-il bien ? Qu'est-ce qui fonctionne bien et qu'est-ce qui fonctionne moins bien ? Comment mieux mettre en relation et rassembler les différentes classes ?*

## 4 Demokratie an Inklusioun
*Démocratie et inclusion*

Eis Demokratie ka just funktionéiere wann all d'Matbierger dorun deelhuele kënnen. Onofhängeg vun Hierkonft, Geschlecht, Alter oder sozialem Hannergrond sollt jidderee kënne gläichberechtegt matgestalte kënnen, fir esou den Zesummenhalt an eiser Gesellschaft ze stäerken. Wéi gesäit et aus mam Walrecht fir Net-Lëtzebuerger:innen a Jonker ab 16 Joer? Wéi kéint eng Matgestaltung och ouni Walrecht ausgesinn? Wéi kënne mir garantéieren, datt Mënschen aus verschiddene Sprooch- a Kulturkreesser esou gutt wéi méiglech un den demokratesche Prozesser deelhuele kënnen?

*La démocratie ne peut fonctionner que si tous les citoyens peuvent y participer. Indépendamment de leur origine, de leur sexe, de leur âge ou de leur milieu social, chacun doit pouvoir contribuer de manière égale à renforcer la cohésion de notre société. Qu'en est-il du droit de vote pour les non-Luxembourgeois et les jeunes à partir de 16 ans ? Comment peut-on participer sans avoir le droit de vote ?*